N°5728
Reçue le 04.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°5728 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen zum Thema « Publication des questions posées au collège échevinal »**

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Publicatioun vun de Froen, déi d'Membere vum Gemengerot dem Schäfferot op Basis vum Artikel 25 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 kënne stellen.

Am Kader vun der Reform vum Gemengegesetz wäert de Prinzip vun der Transparenz am allgemengen an och am besonnesche bei der Kontroll vun de Membere vum Gemengerot duerch de Schäfferot berücksichtegt ginn. Ech wäert dobäi och d'Publicatioun vun de Froen, déi dem Schäfferot vun de Gemengerotsmembere gestallt ginn, an och vun den Äntwerten an d'A faassen.

Lëtzebuerg, den 04/03/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding